

RAPPORT 2012 - 2018

JUGENDGEMENGEROT HESPER

photo: pixel8.com / design: animation



RAPPORT 2012-2018 VUM JUGENDGEMENGEROT

	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018
Memberen		11	7	12	9	9	12
Versammlungen		11	7	7	6	4	9
Treffe mam Schäfferot		2	0	0	1	0	0
Avis		1	1	0	0	0	0
Projeten		4					3
Aktivitéiten		0	1	1	2	2	4

	2013	2014	2015	2016	2017	2018
Präsident-in	Yves Weiland	Pit Zahlen	Stefano Polignano	Stefano Polignano	Stefano Polignano	Stefano Polignano
Vize-Präsident-in	Claude Charpentier	Claude Charpentier		Laura Mockel	Laura Mockel	Charles Drinkwater
Sekretär-in	Stefano Polignano	Steve Ribeiro	Mergim Rugova	Cindy Amado	Cindy Amado	Cindy Amado
Tresorier	Pit Zahlen		Nicky Ferrao	Nicky Ferrao	Nicky Ferrao	Laura Mockel

Themen:

* UGESCHWAT MAM SCHÄFFEROT

* REALISÉIERT

Grillplaz(en)	Bessere Wee am Park (Iwwerschwemmungen)	Futtis Passagen nei maachen (Alzenger Kierch)	Trafic	Helmpflicht	Latenight Bus och um 2 Auer (Avis vum Schäfferot gefrot)
Late-Night Bus (kinnt deen och bis op Izeg fueren?)	Agents Municipaux	Oktoberfest (Respekt virun de Leit déi den Dag drop schaffe mussen)	Bauprojeten an der Gemeng	Commerces de proximité	Maart
Gedrénksstand Maart	Floumaart	Chrëschtmaart	Midnight Snack: Foodtruck?	Jugend-Talk	Poubellen am Park
Poubellen an de Bëscher	Méi (Vakanz) Aktivitéite fir kleng Kanner	Mini-Hesper	Evenementer mat Jonken	JGR Organisatioun	Pläng fir dat Joer duerno
Altersgrenz vum JGR	Rekrutement / Nei Memberen	Infowand an Iddiekëscht fir am Jugendtreff	Organisatioun Jugendgemengerot-Talk	Logo	Neien Internetsite
Flyer vum JGR	T-shirten a Kapuzepullis	Zesummenaarbecht an Austausch mat anere Jugendgemengeréit	Gemeengewahlen	Gemegebuet	Park Houwald (Treffpunkt)
En neit Haischen um Houwald	Aktivitéiten / Infrastrukturen fir Meedercher am Park	Iessméigleechkeiten am Park	Sécherheet a Reglement am Skatepark	Nuit des sports – Partizipatioun vum JGR Hesper / 2017 oui Wegwerfbecheren	Stroossesperungen & Informatioun
Flüchtlingen	Vakanzenaarbecht	Spendenaktioun fir Déieren / géint Pelzindustrie / géint Déierequälerei	Infrastrukture fir Jonker (Avis vum Schäfferot gefrot)	Bicherbox (Film fir z'erklären wéi benotzen)	Valorlux + nei Initiativ fir méi Verpackungen anzesammelen

Stärkten

- Déi Jonk si motivéiert, si hunn och mam Spendeuprojet fir den Cent Buttek hiert Engagement an den Déngscht vun der Allgemengheet a virun allem de sozial méi Schwaache gesat
- Déi Jonk si verstänneg, schaffen net nëmme Wonschlëschten aus, mee diskutéieren bis an den Detail hir Iddien
- Et sinn eng Rei ganz konkret Iddie formuléiert ginn (Maart, Poubellen, Skatepark, ...) an déi meeschte Saache sinn net nëmme eescht geholl gi vum Schäfferot a Jugendtreff mee och ëmgesat ginn
- Och wann eppes net konnt realiséiert ginn, wéi zum Beispill d'Grillplaz(en) beim éischten Ulaf, ass dat mat Verständnis opgeholl ginn an ëmmer weider probéiert ginn op d'konkret Bedenke vum Schäfferot anzegoen a Léisungen ze fannen
- De Jugendgemengerot wor eng wichteg Stëmm fir Diskussiounen wou et ëm d'Plaz vun de Jonken an der Gemeng gaangen ass (Terrain Houwald) an huet esou Diskussiounen e Kader gi wou och punktuell concernéiert Jonker mat weidere Jonke konnten zesammenkommen
- Et huet sech e Grupp stabiliséiert deen ëmmer méi wees sech z'organisieren
- Et ass quasi den eenzege Jugendgemengerot am Land deen esou kontinuéierlech iwwert 6 Joer geschafft huet an ëmmer do wor wann de Schäfferot en Avis vu Jonke wollt kréien oder de Jugendtreff se wollt abanne bei Aktivitéiten (bei eisem Informationsstand ass et just Munneref déi eng ähnlech Dynamik hunn, si hunn just 1-2 Joer méi spéit ugefaangen)
- Austausch mat anere Jugendgemengeréit am Land : De JGR Hesper ass deen deen d'Initiativ geholl hat fir den Austausch mat anere Jugendgemengeréit z'organisieren an dëst huet sech längerfristeg bewäert an ass och aktiv vu Munneref opgegraff ginn a gëtt weidergefouert. Doduerch ass eng Identitéit ënnereneen als Jugendgemengerot geschafe ginn, déi Jonk gi sech bewusst wat si bis elo realiséiert hunn a wat si an Zukunft nach kënnen maachen. Desweideren gi si selwer vun anere Jonken (Peer-Group) motivéiert hire Rôle als Vertrieeder vun de Besoine vun de Jonken an der Gemeng och weiderhin ze verrieden
- Trotz Ännerunge wat d'Schoulsituatioun ugeet, zum Beispill dass eenzelner op d'Uni gaange sinn, wëlle se sech awer weider engagieren
- Pressepräsenz: Table Ronde op RTL am Kader vun de Gemengewahlen
- De Jugendgemengerot ass ëmmer méi präsent op Aktivitéiten an der Gemeng a gëtt domadder ëmmer méi visibel fir déi aner Jonk a fir d'Leit: Nuit des Sports, Chrëschtmaart, ASBL- Fest vun der SEJH, Ouverture vum Betreit Wunnen II, Beachclub
- 2018 huet de Jugendgemengerot en éischte grouse Projet gestart wou e selwer eppes an engem Themeberäich deen hinnen wichteg war un d'Rulle bruecht huet: duerch eng Spendesammlung fir den Cent Buttek hu si sech net nëmme mam Konzept vun der „Epicerie Sociale“ auserneegesat mee sinn aktiv op d'Bierger an der Gemeng als Jugendgemengerot zougaang.

Potentialer

- Zwëscht de Versammlungen nach méi de Suivi maache vun den Tâchen a Projeten
- Déi aktuell « Generatioun » kënnt lues a lues an den Alter vu Première an Uni. Dat hält verschidder net dovunner of weiderzemaachen, mee et muss een anticipéieren an aus villen Erfahrungswärter wees een dass een op emol bei Null muss ufänke well kee méi disponibel ass. Et gëllt elo 2019 mam bestehende Grupp dat aktiv unzegoen fir weider Jonker anzebannen an net ze waarde bis kee méi do ass, well da wäert et erëm ganz schwéier ginn.
- D'Ufanksmotivatioun oprecht erhalen
 - D'Kommunikatioun méi staark fördern: Facebook méi aktiv benotzen, den Internetsite méi benotzen, méi an aner Aktiounen fanne wou de JGR no bausse geet, no bausse oprëtt
 - D'Versammlungen méi dynamesch maachen an net nëmmen op Diskussiounen fokusséieren, och
 - Aktivitéiten fir sech kennenzelieren, zur eegener Identitéit schaffen, sech Diversitéit ënnerteneen, Stereotypen a Viruerteeler bewosst ginn, wat och zu anere Projeten ka féieren
- Nach Jonker motivéieren fir matzemaachen, virun allem Meedercher a Jonker aus dem Jugendtreff
 - Déi Jonk präsentéieren selwer de JGR bei Veräiner, bei hire Frënn
 - Duerch Workshops während de JGR Versammlung trainéieren mir déi néideg Kompetenzen > Selbstvertrauen, Kommunikatioun, Rethorik
 - eng Wand vum Jugendgemengerot déi am Jugendtreff ass, wou d'Memberen an hir Aktiounen virgestallt ginn
 - Aktivitéiten an der Gemeng lancéieren fir a Kontakt mat de Jonken ze kommen an hir Besoinen an Iddien ze thematiséieren an doduerch och op de JGR opmierksam ze maachen. Dëst kënne Workshops am öffentleche Raum sinn oder och e Jugendtalk
- Zu Projeten déi de Schäfferot grad realiséiert, déi direkt handgreifbar sinn, de Jonken hiren Avis méi oft a regelméisseg froen an e consideréieren
- Schrëftlech Invitatiounen : Eng Meiglechkeet fir déi Jonk méi ze motivéieren an d'Verbindlechkeet eropzesetzen fir un den Treffen deel ze huelen ass iwwert schrëftlech Invitatiounen fir op d'Versammlung vum JGR mee och fir d'Gemengerotssätzungen a Manifestatiounen vun der Gemeng (Nationalfeierdag, Ouverture vun enger Spillplaz, ...)
- Fest zwou Versammlungen mam Schäfferot am Joer organiséieren an net nëmmen vu Projeten déi vum JGR kommen ofhängeg maachen mee och fir aner Themen opzemaachen wou et interessant wär Diskussiounen ze féieren och wann dobäi kee Projet entsteet. Z.B. Educatioun, Logement, Aarbecht, ...
- D'Reglement méi suivéieren wéi dat verschidde Joren de Fall wor wëll do och Ureegungen dra si déi dem Jugendgemengerots-Fonctionnement giff zegutt kommen, z.B. all Member soll bei 4 Jonker aus der Gemeng 4 Ënnerschrëfte siche goen an huet iwwert dee Wee en Unhaltspunkt fir iwwer de JGR ze schwätzen.

Chancen (extern)

- Sech beim Europart méi abrénge
- Méi Zesummenaarbecht mat der CGJL (Jugendkonvent, Jugendparlament, ...)
- Zesummenaarbecht an Austausch mam Zentrum fir politesch Bildung : JGR als Good Practice abrénge, hir pädagogesch Materialien benotzen, ...
- Unerkennung a Wäertschätzung vum JGR an der Gemeng
- Aner Gemenge sinn interesséiert vum Model «Jugendgemengerot », wat eng Chance ka fir de JGR Hesper sinn, fir sech méi ënnerteneen auszetauschen.

Risiken (extern)

- Ännerungen an der Berufs- a Schoulsituatioun vun de Jonken
 - Schoul hält de Jonke vill Zäit
 - Aner Jonker déi de JGR schlecht schwätzen
 - Ob a wéi schnell Projete vum Schäfferot kënne realiséiert ginn
-

Conclusioun

De Jugendgemengerot huet sech staark consolidéiert an deene Joren. Et wor gutt unzufänke mat engem Grupp vu méi ale Jonken, déi schonn no beim Schoulofschloss sinn an nach ganz Jonken, well domadder wore scho gutt Viraussetzung gi fir d'Relève iwwer esouvill Jore sécherstellen. Elo gëlt et erëm méi Jonker ze rekrutéieren an dann den Iwwergang lues awer sécher erëm ähnlech ze gestalten. Eng Stärkt ass leider iwwert d'Jore verluergeangen: de Jugendgemengerot ass net méi esou diversifizéiert, et sinn net méi esouvill Jonker aus dem Jugendtreff aktiv respektiv kee méi vum Houwald an och aner Facteuren. Dat wäert elo eng vun de Prioritéite sinn, eng regelméisseg Präsenz duerch eng Virstellungswand mat Iddien an Updates am Jugendtreff anzeriichten. Allgemeng wäert eng Prioritéit sinn, dass di Jonk nach verstärkt no bausse ginn a sech bekannt maachen a virun allem mat anere Jonken iwwert de JGR schwätzen, a bekannt a relevant maachen an domadder och nei Jonker abannen. Och wëll de Jugendgemengerot sech verstärkt mam Volet Formatioun, voir Transitioun an d'Aarbechtswelt beschäftegen.

All dëst kinnt ënner anerem doduerch geschéien dass ee ganz konkret Aktivitéiten organiséiert déi relevant si fir aner Jonker a wou de Kontakt entsteet. Dohir ass ee Virschlag zousätzlech zu den Initiative vun de Jonken och vum Jugendtreff respektiv 4motion aus Initiativen ze huelen wou de Jugendgemengerot agebonnen ass a wou een à l'encontre vun anere Jonken geet. Dëst geschitt schonn zum Deel op der Nuit des Sports an um Chrëschtmaart mee firwat net och méi mat Medie schaffen oder zu Themen déi fir déi Jonk wichteg sinn (Schoul, Aarbecht, Flüchtlingen, Déiererechter, ...), si awer bis elo net déi richtig Upak fonnt hu fir iwwer Diskussiounen eraus eppes ganz Konkretes z'organisieren.

Fir alles dat soll och en neie Flyer gemaach ginn.

Et ass ze kucken ob nierft dem Fokus op Projete vläit och méi Raum soll geschafe gi fir Diskussiounen iwwert Themen déi de Jonken wichteg sinn, ouni dass do ëmmer e konkret Resultat muss erauskommen.

Weiderhin sollen och Treffe mat anere Jugendgemengeréit stattfannen a firwat net och mat Jugendgemengeréit aus dem Ausland.

D'Herausfuerderung ass déi, ronderëm de Jugendgemengerot a mam Jugendgemengerot eng Dynamik opzebauen an ze gestalten déi fir nach méi Jonker relevant gëtt an de Jugendgemengerot ëmmer a Verbindung ze bréngt fir dass en à terme den nächsten Entwécklungsschrëtt ka packen a wierklech eng Instanz fir all Jonken an der Gemeng gëtt.